

éditorial

syn / aus

De Mount Februar wor sécher op kierchepolitischem Plang gekennzeechent duerch d'Publikatioun vun der "Déclaration pour la Journée diocésaine des migrants" vun der Diözesankommissioun fier d'Friemaarbechterpastoral (1+). Mat béiden Hänn ënnerschreift de GAG dësen Text, deen enger Suerg entsprécht di bekanntlech vun Ufank un d'Jugendpor beschäftegt huet. Besonnesch positiv fanne mer, dass de Phänomen vun der Migratioun an engem weidere wirtschaftlechen Zesummenhank gesi gët an domat de Kapitalismus - implizit - als onmënschlecht Wirtschaftssystem verworfen gët. Et ass nëmme schued, dass esou eng wichteg Deklaratioun nët op enger méi breeder Basis, wi z.B. därer vun der Synod, konnt entstoen. Mee et steet ze hoffen, dass d'Kierch vu Lëtzebuerg domat den Dréi fonnt huet, fier och zu anere politesche, wirtschaftlechen a soziale Mësstänn kloer Stellung ze huelen.

Et bleift natierlech oofzewaarden wellech Konsequenzen esou en Text krit. Wat soll z.B. mat där Kollekt ugefaang gin, wann d'Deklaratioun all Mattleed als Iwerhieflechkeet ofleent?

Matt Freed stelle mer fest, datt an der genannter Deklaratioun iwer d'Friemaarbechter déiselwecht Analyse zum Virschäin kennt, wéi se vun Jugendpor, GAG an UNIAO gemat gët.

Och d'JOC krut jo a leschter Zäit massiv Virwërf gemat, se géif sech zevill wäit virwoen. Nun gët den Text iwert d'Friemaarbechter awer der JOC en däitlechen Appui. Leider ass dës Passage an der Press nët veröffentlecht gin. Sou ënnersträicht d'Dokument, datt der JOC hieren "effort de libération visant tout l'homme et tous les hommes sans distinction y compris ceux qui sont responsables des situations d'oppression" als valablen Bäitrag fier eng Verkënnung vum Evangelium am Aarbechtermilieu kann ugesin gin. (Säit 36)

Positiv fënnt de GAG dës Mount och déi Diskussioun, déi am L.W. entstan ass iwert d'Bezëiungen tëscht Chrëschtentum a Marxismus oder Sozialismus. Hei kann e gewësse "Rassismus" vis-à-vis vu politesch anescht gesënnte Chrëschten ofgebaut gin.

GAG

(1+) Den integralen Text vun der Deklaratioun gouf am "kirchlichen anzeiger" Nr. 2/1976 oofgedréckt. Dir kritt ën an d'Haus geschéckt, wann der 20.- op den CCP 3650 vun der Bistumsverwaltung iwerweist.

